



Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Paul Schaaf), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Lucien Clement), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 6154, d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert den Infirmiersberuff. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Damme Brasseur, Dall'Agnol, den Här Adam an den Här Colombero. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

**7. 6154 - Projet de loi portant organisation de la formation à la profession réglementée de l'infirmier responsable de soins généraux et de la formation de sage-femme et portant reconnaissance des titres de certaines professions réglementées,**

**- transposant les dispositions spécifiques aux professions réglementées d'infirmier responsable de soins généraux, de sage-femme et d'architecte de la Directive 2005/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles, modifiée par la Directive 2006/100/CE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la libre circulation des personnes en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie;**

**- modifiant la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé;**

**- modifiant la loi du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d'infirmiers et d'infirmières et réglementant la collaboration entre le Ministère de l'Éducation nationale et le Ministère de la Santé;**

**- modifiant la loi du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur**

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications**

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet hei ass et fënneg vir zwielef.

► **Une voix.-** Ouh?

**(Interruptions)**

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV), rapportrice.- De Projet de loi soll d'EU-Direktiv 2005/36, esou wéi se duerch d'Direktiv 2006/100 ofgeännert gouf, elo komplett an d'nationaalt Recht ëmsetzen. Et geet ënner anerem ëm d'Organisatioun vun der Formation vum den Infirmiers, Infirmiëren an déi vun den Hiewammen.

„Wéi ass et da fënneg vir zwielef?“, wäert Der Iech froen. An dësem Dossier leeft nämlech eng Infraktionsprozedur vun der EU-Kommissioun wéinst der Netëmsetzung vun der Direktiv, a Lëtzebuerg riskéiert eng zolidd Zomm missen ze berappen, wann et sech net schnellstens konforméiert. Ech wäert herno dorop zrëckkommen.

Dat erkläert also och d'Rekordzäit, an där dëse Projet de loi den Instanzewee duerchlaaf huet. Déposéiert gouf e vum Minister fir Héichschoul, Fuerschung, Medien a Kommunikatiounen, dem Här Fränz Biltgen, den 2. Juli. De 6. Juli gouf de Projet de Membere vun der zoustänneger Kommissioun virgestallt an ech gouf Rapportrice dervu genannt. De Statsrot huet säin Avis den 8. Juli ofginn. An den 9. Juli huet d'Kommissioun dësen Avis analyséiert souwéi de virleiende schrëftleche Rapport ugeholl.

Duerfir ass et mer och en Uleies, deene Leit Merci ze soen, déi un där intensiver Preparatioun bedeelegt waren: der Madame Christiane Huberty vum Greffe, dem Conseiller vum Minister, dem Här Germain Dondelinger, dem Här Charles Hurt aus der Fraktioun. Gott sei Dank hunn all Riedercher vun deem Auerwierk do funktionéiert.

Déi Direktiv, ëm déi et sech hei handelt, hält d'Regele fest, no deenen e Memberland e bestëmmten Niveau vu beruffleche Qualifikatiounen verlaangt, fir den Zougang oder d'Ausübe vun engem reglementéierte Beruff an engem oder méi Memberlänner ze erméiglechen. Si gouf schonn a Lëtzebuerg Recht ëmgesat duerch zwee rezent Gesetzer. Dat eent ass d'Gesetz vum 19. Juni 2009, dat de generale System vun der Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen ëmsetzt am Hëbleck vum Nidderloossungsrecht an der zäitlech begrenzter Déngschtleeschung. Dat anert ass de Gesetzesprojet 6062, deen d'Bestëmmung vum der Direktiv op eng sektoriell Aart a Weis ëmsetzt, an zwar fir d'Beruffer vun den Dokter, Zänn-dokter, Déierendokter, Apdikter an anere Gesondheetsberuffer. Dëse Projet gouf den 1. Juli 2010 eng éischte Kéier hei an der Chamber gestëmmt.

Beim virleiende Gesetzesprojet soll jo d'Formation vum den Infirmiers, Infirmiëren an den Hiewamme reforméiert ginn. D'Direktiv seet, d'Formation vum den Infirmieren, déi zoustänneg si fir déi generell Fleeg, misst op d'mannst dräi Joer daueren oder 4.600 Stonnen zielen, Theorie a Praxis abegraff. Den theoreteschen Unterrecht muss op d'mannst een Drëttel - dat sinn 1.534 Stonnen - an de prakteschen Deel op d'mannst d'Halschent - dat sinn 2.300 Stonnen - vun der Formation duerstellen.

D'Gesetz vum 11. Januar 1995, dat déi öffentlech a privat Infirmiersschoule reorganiséiert an dat d'Zesummenaarbecht tëschent dem Gesondheetsministère an dem Erzéiungsministère regelt, huet d'Formation vum den Infirmiere reforméiert duerch d'Aféierung vun dräi Ausbildungsjoren. An den Ae vu Lëtzebuerg war domat d'Konditioun vun der EU-Kommissioun erfëllt. D'Kommissioun awer huet déi Konditiounen vun dräi Joer oder 4.600 Stonnen als kumulativ betruuecht an dat Wiertchen „oder“ als équivalent interpretéiert. Dat heescht am Kloertext, et mussen dräi Joer a 4.600 Stonne sinn.

Derbäi kënnt nach, datt d'Associatioun vun den Infirmieren an Infirmiëre vu Lëtzebuerg, d'ANIL, am Dezember 2007 eng Plainte bei der Kommissioun agereecht huet, well d'Ausbildung hei zu Lëtzebuerg net genuch Stonnen hätt. Sou ass et zu engem Litige mat der Brësseler Kommissioun komm, deen dozou gefouert huet, datt si dunn den 19. Oktober, pardon, den 9. Oktober 2009 e motivéierten Avis u Lëtzebuerg adresséiert huet, an deem se eist Land oprëfft, fir d'Direktiv richteg ëmzesetzen. Wa Lëtzebuerg dat net innerhalb vun zwee Méint maache géif, riskéiert d'Kommissioun eis op dem Europäesche Gerichtshaff unzesichen.

Doropshi wollt Lëtzebuerg déi Bestëmmungen iwwer e groussherzoglecht Reglement ëmsetzen. D'Kommissioun zu Brëssel verlaangt awer an dësem Fall e regelrecht Gesetz. Aus Grënn vu Rechtssécherheet huet d'Regierung dunn decidéiert, deem nozekommen. Dofir ass et elo esou brenzleg ginn. Mir mussen also schnell handeln, well soss gëtt et en deiere Spaass, wéi mer héieren hunn.

Dofir reforméiere mer also haut d'Formation vum Infirmier. De Moment dauert dës Formation dräi Joer, vun der Douzième bis d'Quatorzième, huet 3.460 Stonnen, dovun 1.688 Stonnen Theorie, d'Sproochen abegraff, an 1.772 Stonne Stage. De Schüler kritt dann de Statsdiplom vum Infirmier a verfugt och iwwer e Bac technique.

D'Prinzipië vun der reforméierter Formation si folgend:

D'Formation gëtt iwwer véier Joer organiséiert a schléisst of mat engem BTS, engem Brevet de technicien supérieur, Mentioun Infirmier. Déi zwee éischt Joer vun der Douzième an Treizième am Régime technique vum Sekundarunterricht schléissen of mat engem Bac technique a falen ënnert d'Kompetenz vum Éducatiounsministère. Déi aner zwee Joer vu Quatorzième bis d'Quinzième schléissen dann of mat dem BTS, Mentioun Infirmier, a falen ënnert d'Kompetenz vum Héichschoulministère.

D'Stonnenzuel vun der Direktiv gëtt respektéiert, well et sinn dann 2.106 Stonnen Theorie virgesinn - d'Direktiv verlaangt der jo minimum 1.534 -, an de Stage soll 2.514 Stonne begräifen, géint engem verlaangte Minimum vun 2.300 Stonnen.

Dëst entsprécht enger laangjähreger Fuerderung vun der Infirmiersassociatioun. An heimat geet och eng laangjährege Fuerderung, oder e Wonsch vu verschiddenen honorabelen Deputéierten hei an Erfëllung, déi sech fir den Infirmiersberuff staark gemaach hunn. An ech kucken do op d'Madame Marie-Josée Frank. Et ass ze hoffen, datt an deem schéine Beruff heimat eng zousätzlech Attraktivitéit fir jonk Leit ze fannen ass.

Dës Reform huet natierlech och hir Auswierkungen op d'Ausbildung vum de jetzege spezialiséierten Infirmieren. Dëst sinn de psychiatreschen Infirmier, de Kannerinfirmier, den Infirmier mat der Spezialisatioun Anästhesie a Reanimatioun, gradesou wéi den technesch-medezineschen Assistent an der Chirurgie.

Dës Beruffer kann een nëmme léieren, wann een eng Première an de BTS als Infirmier huet. Duerno kann ee seng zwee Joer Spezialisatioun maachen. Dofir gëtt elo e spezialiséierte BTS agefouert. Déi zwee Diplomer, de BTS vum Infirmier an de spezialiséierte BTS vum spezialiséierten Infirmier, entsprechen engem équivalenten Ausbildungsniveau 5 vum europäeschen Zertifikatiounskader CEC.

Dës nei Ausbildung soll progressiv zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn, an e groussherzoglecht Reglement soll geholl gi fir d'Klass vun der Douzième fir d'Schoulentrée 2010/2011. Déi Infirmieren, déi elo de Statsdiplom hunn, behalen hir Genëhmigung, fir hire Beruff auszeüben.

Et ergëtt sech awer och, datt d'Formation vun der Hiewan nei organiséiert gëtt. Do gesäit d'Direktiv dräi Méiglechkeete vir: entweder eng Ausbildung vun op d'mannst dräi Joer, déi mat engem Premièresdiplom kann ugaange ginn; oder en Infirmiersdiplom an nach zwee Joer Ausbildung do hannendrun; oder eng Formation vum 18 Méint fir Leit mat Infirmièresdiplom an zousätzlech enger attestéierter berufflecher Erfahrung vun engem Joer.

Lëtzebuerg huet optéiert fir eng Ausbildung op dräi Joer, fir Leit mam Premièresdiplom. An deenen dräi Joer sinn

3.833 Stonne virgesinn. D'Hiewan kritt also en eegestännege Beruff a si brauch net méi wéi bis elo fir d'Éischt den Infirmiersdiplom. Dat entsprécht och dem Wonsch vun hirer Beruffsorganisatioun.

Et ass awer esou, datt déi, déi de BTS, Mentioun Infirmier, hunn, an déi Formation kënnen erakommen a verschidde Modulë vun hirer Ausbildung guttgeschriwwen kënnen kréien. Den Diplom vun der reforméierter Ausbildung ass e spezialiséierte BTS.

Dës Reform soll fir d'Schouljoer 2012/2013 agefouert ginn. Zoustänneg, fir d'Ausbildung vum Infirmier an der Hiewan auszeféieren, soll den technesch Lycée fir Gesondheetsberuffer ginn. Et gi Konventiounen ofgeschloss tëschent dem Lycée an de Spideeler, wou d'Stagedeeg organiséiert ginn.

Dee virleiende Gesetzesprojet hält awer och nach déi puer technesch Ëmsetzungen, genereller a spezieller Natur, vun der Unerkennung vun dësen Diplomer vir, nom Baitrëtt vu Rumänien a Bulgarien an d'EU, an e verschafft zousätzlech eng Rechtssécherheet bei der Unerkennung a beim Benotze vum Titel vum Architekt.

Zum Schluss vum Projet de loi ginn nach dann déi deeglech Ännerungen u bestehende Gesetzer virgeholl, fir déi geplangte Reformen ëmzesetzen. Et sinn dës: dat modifizéiert Gesetz vum 26. Mäerz '92 iwwert d'Ausüben an d'Opwäertung vu verschiddene Gesondheetsberuffer; et ass d'Gesetz vum 11. Januar '95, dat déi öffentlech a privat Infirmiersschoule reorganiséiert an dat d'Zesummenaarbecht tëschent dem Gesondheetsministère an dem Erzéiungsministère regelt; an et ass d'Gesetz vum 19. Juni, dat den Enseignement supérieur organiséiert.

Dann zum Avis vum Statsrot. Déi héich Kierperschaft huet am Ufank e puer prinzipiell Remarquë gemaach. Esou zu der Strukturatioun vun den neie Formationen, wou se proposéiert, fir déi nei spezialiséiert BTSen en Tronc commun mat dem BTS vum Infirmier ze maachen an esou deenen hir Ausbildungsdauer net ze verlängeren.

De Statsrot huet och recommandéiert, fir den Titel vum jetzege „Infirmier“ net duerch deen neien Titel vum „Infirmier responsable de soins généraux“ ze ersetzen. Den Titel „Infirmier“ gëtt nämlech a ganz villen normativen Texter benotzt, an d'Reform vun der Formation wär nun eemol net esou déif gräifend. D'Chamberskommissioun huet deem du Rechnung gedroen.

De Statsrot bedauert weider, datt et net zu engem méi fundamentalen Iwwerschaffe vum Gesetz vum 11. Januar '95 komm ass, wou déi nei Dispositiounen iwwert d'Infirmieren an d'Hiewanen hätte kënnen op eng kohärent Aart a Weis integréiert ginn.

Zum Artikel 1 mat den Definitiounen, fënnt de Statsrot, datt verschiddener net onbedéngt néideg wäeren. D'Kommissioun huet de Statsrot zum Deel suivéiert, awer si huet ënner anerem d'Definitioun vum État membre oprechterhalen, well et hei ëm méi geet, wéi d'Definitioun vun engem Memberland ze ginn. Déi nei agefouert Rechter sollen nämlech och op d'Bierger vun de Länner vun der AELE, der Association européenne de libre échange, ausgeweit ginn.

Aner Artikelen huet de Statsrot virgeschloen ze komplettéieren duech d'Iwwerhuele vun textuelle Passagen aus der Direktiv, d'Verschmëlze vun Texter, oder ze vereinfachen duerch d'Sträiche vun engem Artikel. D'Kommissioun ass dësen Opfuerderungen nokomm.

Duech d'Iwwerhuele vum Statsrot sengem Text an den Artikelen 3 a 4 ass et iwwregens och méiglech ginn, der Opposition formelle am initialen Artikel 12 Rechnung ze droen. Dat do initialt geplangtent groussherzoglecht Reglement huet géint d'Verfassung verstouss, well déi virleiend Matière duerch e Gesetz muss bestëmmt ginn. Duerch d'Propos vum Statsrot, fir prezis groussherzoglecht Reglementer ze huelen, wat d'Programmer an





d'Stonnepläng vun de Formatioune vum Infirmier an der Hiewan ubelaangt, ass d'Konformitéit zu der Constitutioun ginn.

Dann huet de Statsrot déi an den initialen Artikelen 9 an 10 ugeschwate Kommissioun fir d'Unerkennung vun den Diplomer aus dem Gesetz vun '92 iwwert d'Ausübung an d'Opwärtung vun de verschidene Gesondheetsberuffer wëlle bäibehalen. Nieft dëser Kommissioun gëtt et awer nach eng aner, wou dat soll kontrolléiert ginn, laut de Bestëmmunge vum Artikel 23 vum rezente Gesetz vum 19. Juni 2009 iwwert d'Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen. D'Kommissioun huet dofir dëser Propos net Rechnung gedroen an déi initial Versioun vum Text bäibehalen aus Grënn vun administrativer Vereinfachung an Transparenz firdeen, deen d'Ufro stellt.

Et gouf och nach en neien Artikel vum Statsrot iwwerholl, wat den ofgekierzten Titel vum Gesetzesprojet ubelaangt. An déi proposéiert Schreifweis ass och an de globalen Titel iwwerdroe ginn.

Nach e lescht Wuert zu de Finanzen. D'Regierung huet eng Fiche financière nogereecht, wou den estiméierten zousätzleche Käschtepunkt vun de virleiende Reforme mat 688.112 Euro fir d'Infirmiersausbildung a mat 356.492 Euro fir d'Hiewansformatioun ugi ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen heite Gesetzesprojet wäert ouni Zweifel zu enger Verbesserung vun der Qualitéit vun der Ausbildung vum Infirmier an der Hiewan hei zu Lëtzebuerg bäidroen, wat nëmme kann am Intérêt vum Patient an och besonnesch den zukünftige Mammen a Puppelcher sinn. Ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech kann am Contraire zu menger Virriednerin den Accord vu menger Fraktioun net zu dësem Projet ginn, well dëst ass e Projet vun Hetz, vu Gewurschtels a vun Inkohärenz.

Hetz. De Projet ass den 2. Juli déposéiert ginn, an dunn ass gesot ginn: Mir müssen dat elo direkt stëmmen, soss gëtt et ons eng Deier. Dat berout awer op enger Direktiv vun 2005, an elo op eemol déi Hetz!

Et ass Gewurschtels, well ee vun deenen zoustännge Ministere sot: Et ass eng horizontal Kompetenz, an et wollt sech keen där Affär unhuelen, elo maachen ech et. Et sinn awer dräi Ministère, déi hei mat agebonne sinn. Et ass also do gewurschtelt ginn.

Inkohärenz, well schonn am Januar dëst Joer si Schoulprogrammer opgestallt ginn, et si Groupes de travail gemaach ginn, et ass e Règlement grand-ducal den 28. Mee vun der Regierung ugeholl ginn, fir dat Ganz ze reforméieren, an elo kënnt eréischt d'Gesetz. Hei ass also d'Päerd vun hannen opgezaimt ginn.

Ech wëll awer der Rapportrice e ganz grouse Merci soen an och dem Conseil d'État wéi och dem Personal, déi gehollef hunn, dass mer dat iwwerhaupt hei nach an de Plenum kruten.

Et sinn och mat dësem Projet eng ganz Rei Froen, déi sech stellen. D'Madame Rapporteur huet elo grad iwwert d'Incidence financière geschwat, an dat géif eng Millioun méi kaschten, wat d'Formatioun ubelaangt. Mä domat ass et jo net gedoen. Mir hunn am Moment 5.475 Infirmieren. Dat ass d'Zuel vun 2008. Do komme jo, wann dëst Gesetz gestëmmt ass, Revendications salariales. An ech verstinn d'Gewerkschaften an d'Associatiounen, dass se dat froen. Well da soe se, méi Studien, also wëlle mer méi an der Pai.

De Minister huet an der Kommissioun dorophi gesot, d'Regierung denkt net drun, eng Carrière vum BTS anzeféieren an e BTS spécialisé gëtt och net considéréiert, sou dass dat keng Implicatioun op de Statsbudget hätt.

Ech wëll awer d'Fro stellen hei un de Minister vun der Sécurité sociale: Wann et do opgrond vun dësem Gesetz zu Revendicatiounen kënnt, dann huet dat jo awer en Afloss op de Käschtepunkt vum ganze Secteur hospitalier an och vum Secteur familial. De Secteur hospitalier, dat gëtt awer dann iwwert d'Krankekeese jo bezuelt. An da stellen ech d'Fro un de Sécurité-sociale-s-Minister, wéi dat dann ofgewéckelt gëtt, wa mer wëssen, dass 80% vun de Käschten an de Spideeler Personalkäschte sinn. Dat heescht, wann hei Revendications salariales kommen opgrond vun deem Gesetz, wat mer hei stëmmen, da gëtt onse Gesondheetsystem méi deier. An ech wier frou, wann de Minister ons kéint Opschloss ginn, dass mer en connaissance de cause awer hei kënne eng Décisioun iwwert dëse Projet de loi huelen.

Den Här Minister Biltgen hat an der Kommissioun och nach gesot, wa Revendicatiounen kommen, muss ee kucken, wéi een domat ëmgeet. Ech muss lech awer soen, wa mer haut e Gesetz stëmmen, musse mer jo awer wëssen, wat dat fir déi zukünftige Generatiounen bedeit. An et muss een och wëssen, wellech Influenz et op d'Gesondheetskeess huet.

Eng Fro - mir krute keen Avis vun der Gesondheetskeess fir dëse Projet. Den Avis vun der Chambre des Salariés ass haut komm. Deen hu mer just haut kritt. D'Chambre des Salariés seet an hirem Avis, si kéinten hir Zoustëmmung dësem Projet net ginn aus enger ganzer Rei Considératiounen, op déi ech hei an dëse puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, awer net kann agoen.

Dofir hätte mir gären Opschloss iwwer all déi do Implicatiounen, déi dat kann hunn. Well, wie seet Influenz op d'Käschte vum Gesondheetswiesen, seet Influenz op d'Gesondheetskeess. Mir wëssen, dass do schonn en Defizit ass, an dass mer dat mussen an den Équilibre kréien. Dann: Wéi ass et? Gëtt dat dann duerch Bäitrags-erhéijunge gemaach? An da si mer schonn erëm an der Diskussioun vun der Kompetitivitéit.

Dee Gesetzesprojet hei also féiert vill méi wäit. A mir deet et leed, dass mer net Zäit haten, dat do à fond ze diskutéieren an der Kommissioun mat deenen zoustännge Ministeren.

Dann nach eng Fro, déi hätt sech un d'Madame Éducationnsminister gericht. D'Chambre des Salariés, déi werft op, dass nëierens am Text steet, dass déi, déi elo e BTS als Infirmier kréien, och de Bac technique hunn. Et ass wuel vun der Madame Rapportrice elo grad ugeschwat ginn, mä et steet effektiv net esou am Text. Ech hat déi Fro och an der Kommissioun opgeworf. An do ass gesot ginn, neen, dat wier automatesch esou.

D'Chambre des Salariés schéngt den Text awer esou ze liese wéi ech a stellt fest, dass dat net an onsen Aen esou am Text ass. An doriwwer hätt ech och gären Opschloss. Well soss stëmme mer awer hei en Text, dee wierklech net ons Approbatioun ka kréien.

Aus all deene Grënn, déi ech virdru gesot hunn - mir kréie jo nach Explikatiounen, hoffen ech, iwwert déi Incidences financières, déi dee Projet hei huet -, wäerte mer ons enthalten. Wa mer keng Äntwerte kréien op déi prezis Froen, da kënne mer selbstverständlech dee Projet guer net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

## (Interruption)

► **M. le Président.**- Merci der Madame Brasseur. Als nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol agedroen. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- Merci fir d'Wuert. Här President, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir setzen hei erëm Deeler vun enger Direktiv ëm vun 2005. Virun zwou Woche

schon hat ech d'Chance fir Rapportrice ze si vum Projet de loi, déi deen aneren Deel vun der Direktiv ëmgesat huet, wou et ëm d'Beruffer vum Dokter, vum Veterinär an nach eng Rei aner Beruffer gaangen ass. An et ass eigentlech schued, dass mer hu missen eng zweet Mise en demeure vun der Kommissioun ofwaarden, ier mer un d'Formatioun vun dem Infirmiersberuff gaange sinn, déi ze reforméieren. Well mir wësse jo, dass d'ANIL déi Reform scho ganz laang gefuerdert huet.

Ech mengen, ech brauch och net méi op all Detail vum Projet de loi anzegoen. D'Rapportrice, d'Madame Andrich, huet dat op eng exzellent Aart a Weis gemaach, an ech soen hir dann dofir och e ganz häerzleche Merci.

Ech wëilt allerdéngs nach e bëssen op de Beruff Infirmier agoen. E Beruff, deen an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi al gëtt a wou och d'Zivilisationskrankheeten ëmmer weider zouhuelen, ee vun deene wichtegsten ass. Eng éischt Reform war dofir och schonn 2001 ugepeilt ginn an du sollten dann déi feelend Stonnen einfach an déi dräijähreg Ausbildung derbäikommen. Bon, ech mengen, dass dat net gutt ukomm ass, dass brauch ech lech hei net ze soen. Well dat hätt nëmme dozou gefouert, dass mer d'Schüler iwwerfuerdert hätten an dass dann eventuell och eng ganz Rei Leit hir Ausbildung net gepackt hätten.

Zu der Qualitéit vum Infirmiersberuff hätt dat sécherlech net vill bäibruecht an et hätt eventuell souguer kënne dozou féieren, dass mer net méi genuch Infirmieren an Infirmieren hei am Land gehat hätten. Dat kann natierlech och net de Wunsch vun den Deputéierte sinn, well och mir sinn zu deem engen oder anere Moment eng Kéier Patient.

Dofir gouf dann och déi Reform 2001 net esou ëmgesat. Zënterdeem ass sou munches u Bréifwiessel zwëschent Lëtzebuerg a Bréssel hin an hier gaangen, fir da finalement haut op dësem Projet de loi, dee mer herno da wäerte stëmmen, erauszekommen. A mir sollen eigentlech frou sinn, dass d'ANIL sech sou drugehaangen huet. Well wann een am Ausland, am EU-Ausland an net nëmme hei am noen Ausland kuckt, da gesäit een, dass déi ganz grouss Majoritéit eng zolidd Ausbildung am Rucksack huet. Eng Ausbildung mat méi Stonnen an eben dann och mat där gefuerderter méi Erfahrung.

Et ass dofir och net iwwerraschend, dass mer hei am Land eng ganz Rei gutt ausgebildete Frontalieren am Beruff vum Infirmier schaffen hunn an dass mir am Géigesaz zu anere Länner ebe keng Pénurie an dësem Beruff kennen.

Ech wëilt och vun der Geleeënheet profitéieren fir eng Lanz ze brieche fir de Beruff vum Infirmier. Déi meescht gesi warscheinlech do nëmme d'onregelméisseg Schaffe respektiv d'Schichten a virun allem d'Nuetsschichten. Mä ech mengen awer, dass dee Beruff engem och ganz vill ka bréngen. Engem ka Wäerter vermëttelen, déi an enger Gesellschaft vun haut vläicht net méi esou selbstverständlech sinn. An dofir ebe just brauch een eng zolidd Ausbildung, wann ee wëllt an dësem Beruff schaffen. Mä virun allem brauch een awer och genuch Zäit, sech individuell ëm dee Kranken ze këmmen. An ech mengen, dass ass en zweet Thema, mat deem mer eis sollen ausenanersetzen an diskutéieren.

Firwat mir als Sozialisten awer dëse Projet och nach nieft deem, wou ech schonn drop agaange sinn, wäerte stëmmen, ass, dass mer der Meinung sinn, dass Fortschrétt an der Medezin an déi technesch Ofleef och den Alldag am Beruff vum Infirmier méi komplex maachen. An dat géllt engem ebe besser, wann een eng zolidd Ausbildung huet.

Net vergiessen dierfe mer an dësem Zusammenhang awer och d'Weiderbildung. Well mir kënne déi besch an déi schéinste Spideeler hunn: Wann d'Motivatioun an d'Ausbildung vun de Leit op der Streck bleift, da si mer um Holzwee.

Nach e Wuert zu deenen anere Beruffer, déi mer hei regelen. D'Hiewamm houb bis elo ganz enk mam Beruff vum Infirmier zesummen. Dat wäert elo net méi mussen de Fall sinn an dat soll een och positiv

gesinn. Well doduerch kritt een och eng ganz Rei aner Leit an dëse Beruff eran, déi eben net duerch d'Infirmiersschoul wollte goen oder gaange sinn.

Wat den Architekt ubelaangt, mengen ech, bleift ze soen an ervirzehiewen, dass jiddwereen, deen hei zu Lëtzebuerg wëllt dee Beruff ausüben, och muss e Member vum OAI sinn; dem Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils. An ech menge schonn, dass dat dem Client och eng ganz Rei Garantie bitt.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt also méi wéi genuch Grënn, firwat d'Sozialisten dëse Projet ënnerstëtzen an en och wäerte stëmmen. An ech ginn dann d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun an ech soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame Dall'Agnol Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann ee wëllt den Zuch kréien, da gëtt et zwou Méiglechkeeten: Entweder et leeft een op d'Gare oder et geet ee mat Zäit fort. Mir wieren am Fong geholl éischter der Meinung, et wier besser, mer géife mat Zäit fortgoen, well dann ass ee méi sécher, dass een dat erreecht, wat ee wëllt, an et brauch ee sech net ze iwwerstieren um Wee dohinner. Mir...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Wann ee schonn am Zuch sëtzt, dann ass et egal.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Dat ass richtig.

## (Hilarité)

Da muss een allerdéngs och laang Been hunn an e gudden Otem, fir dass een den Zuch nach kritt, Här Minister.

## (Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Här Adam, loosst lech net duerjernebréngen! Fuert Dir roueg virun!

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Eigentlech hätte mer de Mëtteg, wéi mer gefrot hunn, fir de Projet iwwert d'Bourssé vum Ordre du jour ze huelen, datselwecht misse bei dësem Projet froen. Well och hei hate mer, wéi mer de Rapport votéiert hunn, keen Avis do, ausser dee vum Statsrot. Och hei hu mer vun der Regierung erëm eng Kéier gesot kritt: „Majo, et gëtt eng gewëss Urgence.“ An d'Urgence ass den Avis motivé, deen allerdéngs scho vum Oktober 2009 ass. An esou hu mer och hei am Fong geholl net déi wäitgehend Diskussioun gefouert, déi et awer och hei derwäert gewiescht wier fir ze féieren.

Et gëtt verschidde Vuen zu dem Infirmiersberuff an och zu der Sage-femme. Hei si Professions réglementées. Dat heescht, déi Beruffer erlaben eng grouss Mobilitéit an Europa. Déi gi vun all Land unerkannt. An déi Vuë vum Ministère a vun der Kommissioun sinn an der Vergaangenheet relativ wäit auserneegaangen. Wann ee kuckt, de Statsrot huet dat opgefouert, dass mer bis elo eng Formatoun hate vun dräi Joer an 3.460 Stonnen. An d'Kommissioun freet dräi Joer oder 4.600 Stonnen, woubäi d'Interpretatioun dann eben ass, déi 4.600 Stonne mussen erfüllt ginn.

Et ass allerdéngs net nëmme d'Vue vun der Kommissioun. Et ass och eng ganz laang Fuerderung vun den Infirmieren an den Infirmière selwer, an esou ass et fir eis och net ganz verständlech, firwat dass mer da wierklech eis esou laang gewiert hunn an esou laang gewaart hunn, a schlussendlech huet et dann an der Kommissioun geheescht: „Der Klügere gibt nach“, an du si mer dann op de Wee gang fir hei an enger Rekordzäit - d'Madame Rapportrice, där ech iwwerens Merci soe fir en ausféierleche Rapport, souwuel dee mëndleche wéi dee schrëftlechen, huet da gesot: „Majo, mir hunn dat a Rekordzäit gemaach.“ Den Dépôt war den 2. Juli; de Vote ass haut den 12. Juli.

Dobäi hat, just zur Erënnerung, de President vun där Kommissioun, wou mer deen hei Projet diskutéiert haten, den honorabelen Här Thiel, mat sengem Rap-





port, mat senger Interventioun, wéi mer iwwert d'Bourssë geschwat hunn, un d'Adress vun der Regierung gesot: „Dat war esou séier gaang. Kommt net méi esou erëm!“ An zack si mer schonn erëm esou do.

Ass eng Fro, déi an eisen Aen awer och ganz berechtegt ass; mir hunn elo an Zäit vun zéng Deeg de Projet vum Dépôt bis zum Vote bruecht: Ass d'Schoul och prett? Déi ganz Reform vun der Formation professionnelle misste mer eigentlech an d'Hänn vum Här Biltgen leeën an den Hänn vun der Madame Delvaux ewechhuelen. Well viru 14 Deeg hu mer hei festgestallt, datt mer an där Reform vun deene ganz ville Beruffer, wou mer missten de Profil erschaffen, der just 18 fäerdeg haten, a mir hunn eisen Aufschub vu bis zu zwee Joer ginn.

Allez, hop! Ech mengen, eisen Turbominister, deen hätt déi ganz Reform an där Zäit duerchbruecht. E wénkt jo och, e schätzt dat och esou an.

### (Interruption)

Gi mer awer vläicht méi seriö. Mir fannen natierlech och eng Rei positiv Saachen un deem Projet hei, zum Beispill, datt mer bei eis effektiv och mat der Treizième ee Bac ausstellen. Ech hoffen, datt dat gekläert gëtt, déi Fro, déi d'Madame Brasseur an d'Chambre des Salariés opgeworf hunn. An der Kommissioun hu mer dat esou diskutéiert.

Mir fannen dat och gutt, datt mer de Schüler d'Méiglechkeete ginn, e Bac no där Treizième ze kréien. Dat mécht d'Dier op fir eng ganz Rei Beruffer am medezineschen a paramedezineschen Beräich.

Selbstverständlech ass déi Fro vun der Revendications financiéres eng ganz interessant Fro. D'Diskussioun, wéi gesäit et dann an Zukunft mat de Gehälter aus, an do muss een dann och soen, mer schwätzen alleguerter vun deene flotten, wichtigen an an Zukunft nach méi wichtige Beruffer vum Infirmier a vun der Infirmière. Mir sinn awer net bereet, effektiv och eng Carrière fir déi Leit ze schafen.

Mir schafen en Diplom, mir wäerten en Diplom op. Mä mir maachen awer net gläichzäiteg eng Carrière beim Stat. A fir eis wier et och ganz interessant gewiescht, eng Diskussioun ze féieren: Firwat? Wat schwätzt dergéint fir, besonnesch emol, fänke mer emol bei deem un, wou et vläicht zuleméisseg net esou grouss ass, bei der Sage-femme, fir do och effektiv e Bachelor ze maachen?

Mir schwätze vill vum Bologna-Prozess. Wahrscheinlech hätt dat och nach eng Rei Méiglechkeeten erlaabt. Et gëtt och Länner, et gëtt der vläicht net vill, mä et gëtt och Länner, wou d'Sage-femme a wou den Infirmier an der Formatioun vun engem Bachelor gemaach gëtt.

Wéi gesot, dat sinn interessant Diskussiounen, déi een nach hätt kënne féieren. Mir waren ënner Zäitdrock a mir bedauern am Fong geholl, datt mer net méi fréi op souwuel de Message vun der Leit aus dem Beruff wéi op d'Kommissioun reagiert hunn. Mir hätten do kënne nach vill Aspekter erabréngen. An duerfir stëmme mir de Projet net. Mir wäerten eis weinst deene Froen, déi nach alleguerter op sinn, beim Vote enthalen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Éischt ee schéine Merci un d'Rapportrice fir de mëndlechen a schrëftleche Bericht. Och hei ass alles gesot ginn. Den Här Adam, d'Madame Brasseur hunn et gesot, dat Gesetz ass an Zäit vu siwen Deeg duerch d'Chamber gaangen. Et ass keen Avis vun der Chambre professionnelle, dat bedauere mer jo. Vu dass déi Direktiv vun 2005 schonn do ass, hätte mer eis kënne vill méi Zäit ginn. Den Haaptpunkt ass d'Incidence financière.

Infirmieren, déi e gewëssenen Niveau hunn, mussen och bezuelt ginn. An ech mengen, dat wär vläicht déi eenzeg Suerg vun der Regierung gewiescht, fir dat Gesetz hei net en temps utile duerch d'Parlament ze drécken.

Duerfir wëll ech nach gär drop hiweisen, d'Infirmière ass d'riets Hand vum Dokter. Een Dokter ass ëmmer frou, wann en eng gutt Infirmière huet, déi d'Aarbecht fir hie mécht.

### (Interruption)

Déi kann en zwar net ersetzen, dat stëmmt, Madame Frank, déi kann e guer net ersetzen. Mä trotzdeem ass den Dokter frou, wann eng Infirmière do ass, déi net bei all Symptom beim Dokter urufft a seet, Här Dokter, hei, de Patient huet de Kapp wéi, oder, ech weess net, Duerchfall. Déi kann och verschidde Gesten, oder verschidde Medikamenter, nach ëmmer natierlech an Ofsprooch mam Dokter, ginn, ouni dass den Dokter do dann direkt bei all Symptom muss agräifen.

Duerfir ass et richtig, dass déi Formation continue do, déi Formatioun, dass déi esou staark valoriséiert gëtt. D'Infirmière muss viles wëssen, a mir sinn d'accord, dass dann de Beruff revaloriséiert gëtt.

Dat gesot, mir bedauern och, dass a verschidde Spideeler, haaptsächlech nuets, nach net vill Infirmieren do sinn. Ech mengen, mir gesinn och an der alldieglecher Praxis, dass do eng Infirmière fir 50 Patienten nuets muss schaffen.

Dat ka keng Qualitéit si fir de Patient. Dat kann och keng Qualitéit fir d'Infirmière sinn. Ech mengen, do muss Remedur geschafe ginn. Ech mengen hei an deem Beräich, do däerfe mer net spueren, wann et drops hileeft, fir dem Patient ze hëllefen. Do ass dann d'Infirmière de Motor bei där ganzer Saach.

An esou wéi mer dann den 1. Juli beim Dokteschgesetz gesot hunn, wéi mer insistéiert hunn, dass d'Doktere misste Lëtzebuerger kënne schwätzen, insistéiere mer hei och nach eng Kéier, dass all Infirmière deen Dag, wou se de Kontrakt ënnerscheift, muss dann och Lëtzebuerger verstoen a Lëtzebuerger kënne schwätzen. Dat ass u sech...

### (Interruption)

Pardon?

### (Interruption)

Jo, mir kéinten awer vläicht op een anere Wee goen a soen, déi Infirmière missten eng Formatioun op Lëtzebuerg kréien, an de Stat misst dat awer ënnerstëtzen. Wa se heihinnerkommen, misst de Stat derfir suergen, dass déi Infirmière Lëtzebuerger dierfte schwätzen.

### (Interruption)

Dach, mä et ass awer, Här Bausch, eng Konditioun, fir dass d'Kommunikatioun besser ass. Et ass eng Konditioun, dass d'Leit...

### (Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Natierlech. Mä wann Der d'Konditioun stellt, ier se kommen, da komme se mat Sécherheet net heihinner.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Ma dach! Et muss een hinnen dat ubidden hei. Et muss een dat ubidden hei. Wa se heihinnerkommen, soen, hei, Dir kritt eng Formatioun op Lëtzebuerger an dann dierft Der de Beruff maachen. Ech mengen, do ka keen nee soen.

Bon, dat gesot, wéi gesot, et ass dat, wat mer préconiséieren. Et ass dat, wat mer wënschen, dass de Patient mat der Infirmière ka kommunizéieren, fir dann eng besser Qualitéit ze hunn.

Bon, dës Kéier wäerte mer net dergéint stëmmen.

### (Interruption)

Neen, mir wäerten dës Kéier net dergéint stëmmen. Mir maachen dës Kéier awer...

### (Interruption)

Jo, Här Di Bartolomeo, quel soulagement. Mir wäerten dat Gesetz hei ënnerstëtzen, well mir si frou, dass d'Infirmieren, d'Infirmiären an d'Sage-femmen dat kréien, wat se gewënscht hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. An elo kritt d'Regierung d'Wuert. Wie kritt et? Den Héichschoulminister.

### (Interruptions et hilarité)

Här Minister, d'Regierung huet zéng Minutten. Wann Dir lech déi wéilt mat Ärem Kolleg deelen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Majo, et ass net dat Éischt, wat mer zesammen deelen. Mir hu jo schonn den Eenheitsstatut zesumme gedeelt an e lieft nach haut.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et ass effektiv e Gesetz, wat huet misse ganz séier an d'Chamber kommen, turbo-méisseg. Woufir? Et sinn zwou Saachen. Dat Éischt ass, mir hu virun engem Joer an dëser Chamber virun de Wahlen en horizontaalt Gesetz gestëmmt vun der Unerkennung vun de Qualifications professionnelles. An ee vun de grouse Problemer sinn déi horizontal Direktiven, wou eng ganz Partie Ministere concernéiert sinn.

Mir hunn deemools gesot gehat an der Regierung, den Héichschoulminister ass fir alles zoustänneg, well en déi meescht betrëfft. An do hu mer dat horizontaalt Gesetz hei gestëmmt. Mä mir hunn dann op Wonsch vu Secteuren, déi selwer reglementéiert sinn, nämlech d'Santé an d'Architekten, déi ausgeklamert, an do sollte sektoriell Ëmsetzungen nokommen. Bei den Architekten ass keng nokomm. Bei der Santé ass se nokomm, mä déi war der Kommissioun net komplett genuch. Dat war dat Gesetz vum 1. Juli. Dat ass deen ee Punkt.

Duerfir hu mer och dës Kéier gesot, majo, da kommt, elo ass erëm eng Kéier den horizontale Minister, obwuel e weder mat den Architekten nach mat den Infirmieren eppes ganz Direktes ze dinn huet, incidemment schonn, mécht elo séier e Gesetz, dass mer hei net zu 3,4 Milliounen Euro condemnéiert gi vum Europäesche Geriichtshaff. Dat ass deen ee Punkt.

Deen zweete Punkt, deen hei dran ass, wou d'Europäesch Kommissioun eis ugesicht huet, dat ass effektiv d'Infirmièresausbildung. Dat ass eng laang Geschicht. An do si Solutiounen fonnt ginn, Januar, Februar. An d'Schoulministesch, déi ass am Mäerz dëst Joer an déi zoustänneg Chamberskommissioun gaang an huet dat alles am Detail erkläert. Et ass also net, dass haut elo alles entdeckt gi wär vum Inhalt.

Woufir hu mer Reglementer gemaach - d'Schoulministesch? Majo, well mer eng Base légale zu Lëtzebuerg hunn. Et ass just d'Kommissioun vu Bréissel, déi elo erausfonnt huet: „Neen, e Règlement grand-ducal geet mer net duer, mir brauchen och eng gesetzlech Verankerung.“ An duerfir ass dat doten och hei mat erakomm. Mä den Inhalt selwer, déi nei Infirmièreschoulausbildung, déi ass an der Chamberskommissioun duerchdiskutiert ginn, mat der Schoulministesch. An déi huet den 19. Mäerz schonn d'Schoulen ugeschriwwen, wéi et an Zukunft soll goen. Do ass alles virbereet fir den Hierscht.

Dat sinn emol déi zwou Ursachen. Duerfir soen ech, fir elo ze mengen, mir géifen hei séier d'Infirmiers-Neiformatioun bâcléieren, ass falsch. Dat huet déi zoustänneg Ministesch gemaach, just dass hir Règlements grand-ducaux sollten aviséiert gi viru kuerzem vum Statsrot. Wéi dann dat heite komm ass, sot de Statsrot: „Mä wann awer elo eng Base légale kënn, aviséieren ech fir d'Éischt d'Gesetz.“ An d'nächst Woch aviséiert de Statsrot d'Règlements grand-ducaux. An da kann déi nei Formatioun fristgerecht stattfannen.

Ech ginn net weider op d'Infirmiären an, well mäi Kolleg dat nach wäert maachen. Mä ech wëll just eng Kéier erklären, dass mer wuel hei séier hu misse schaffen, mä et ass net, dass elo eng nei Formatioun hei bâcléiert duerch d'Chamber géif gebootscht ginn, wéi den Här Colombero ëmmer seet. Bis elo hunn ech ëmmer nëmme Grompere gebootscht, mä ech hunn dat bäigeléiert. Mä déi ganz Diskussioun, dat ass keng nei, déi ass och mat der Chamberskommissioun, mat allen Interesséierten duerchdiskutiert ginn.

Incidence financière ass vläicht e Wuert, wat ech wëll soen. An de Barèmes vun der Fonction publique gëtt et keen. A mir hunn dat net virgesinn - e Barème vu BTS Ëmsou méi de Stat praktesch keng Infirmièrescarrière brauch a keng Sage-femme-Carrière. Et gëtt wuel Leit mat Infirmièresausbildung, déi fir Stat a Gemenge

schaffen, awer net als Infirmière. Duerfir ass et beim Stat net d'Fro, fir dat ze maachen. Mä wou d'Fro sech ka stellen, dat ass an de Kollektivvertråg. An de Kollektivvertråg sinn d'Sozialpartner dofir zoustänneg, wat se maachen. Mir kënnen an dierfen net elo op eemol soen, wat géif an enger Kollektivvertragsverhandlung erauskommen. Dat ass wierklech net d'Aufgab vun der Regierung. An duerfir mengen ech, déi Fro eriwweegt sech.

An da géif ech déi lescht sechs Minutten mengem Kolleg, dem Gesondheits- a Sécurité-sociale-s-Minister, iwwerloossen.

► **M. le Président.**- Merci dem Héichschoulminister. An elo kënn de Gesondheitsminister.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann dem Kolleg François Biltgen bestätegen, dass mer gewinnt sinn, briederlech ze deelen. Dat maache mer dann och bei dësem Projet.

Ech si ganz frou, dass mer et fäerdeg bréngen, fir deen heite Projet iwwert d'Bühn ze bréngen, net - an ech wëll dat ënnersträichen -, net elo fir prioritär d'Infirmiersausbildung ze reforméieren. Mä fir, grad wéi mer virun enger décker Woch eis a Konformitéit gesat hu mat der Transpositioun vun der Direktiv bei den Dokteren, Veterinären, an, an, an, dat och elo bei anere Professionen ze maachen, well - an dat ass richtig, wat de François Biltgen gesot huet - mir hätten dat Gesetz hei net gebraucht, fir am Hierscht kënne mat där neier Formatioun vun den Infirmieren an Infirmiären unzefänken. Do hu mer d'Weiße viru laange Méint gesat, an d'Schoul huet an der Zwëschenzäit eng exzellent Aarbecht geleescht, fir och kënne am Hierscht prett ze sinn, fir ënnert deene beschtméiglechen, soe mer dat emol esou, Konditiounen kënnen déi nei Formatioun ulafen ze loossen.

Et deet mer e bësse leed, dass d'Madame Brasseur hei gesot huet, si géif hire Vote ofhängeg maachen - also tëschent enger Enthaltung oder engem negative Vote - vun den Äntwerten, déi d'Regierung géif op déi gestallte Froen ginn. Et deet mer leed, well eigentlech d'Madame Brasseur déi Éischt hätt misse sinn, fir sech iwwert dëse Projet ze freeën, well dëse Projet dat realiséiert, wou d'Madame Brasseur hänke bliwwen ass an där vir-viregter Regierung.

### (Interruption)

Si huet déi heite Reform, obwuel se et wëlle hat, net iwwert d'Ronne bruecht, well déi Propositionen, déi se gemaach hat, hänke bliwwen sinn an net vum Secteur akzeptéiert gi sinn. Well d'Madame Brasseur de Schülerinnen a Schüler vum Lycée technique des professions de santé net méi Zäit wollt ginn, mä méi Stonnen an e schonn iwwerfëllte Programm wollt erapaken.

Duerfir ass se deemools hänke bliwwen, an ech bedauern, dass se sech net mat eis fret, dass déi jonk Leit elo endlech déi Zäit kréien, déi se brauchen, fir kënne déi Formatioun an deene beschtméigleche Konditiounen ze maachen. Elo hätt ee kënne soen...

### (Interruption)

Elo hätt ee kënne soen...

► **Une voix.**- Siwe Joer hutt Der gebraucht!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Oh, dat do ass eng al Litanei. Dat ass eng al Litanei, déi just Dir gleeft. Dat do hëlt lech souwisou dobaussen...

### (Interruption)

...iwwerhaupt keen of. No siwe Joer weess emol kee méi, wie viru mir Gesondheitsminister war.

### (Hilarité et brouhaha général)

► **Une voix.**- Här Di Bartolomeo, dat passéiert lech doudsécher net.

### (Interruption)

Un lech denken d'Leit nach 20 Joer, awer leider net positiv!





## (Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Den éischten Deel vun Ärem Saz war exzellent, an elo kënnt Der lech erëm setzen.

► **Une voix**.- Mä et muss een ëmmer bis zum Schluss lauschten.

► **M. le Président**.- Här Minister, loosst lech net aus der Rou bréngen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ech loosse mech net aus der Rou bréngen. Ech wëll och soen, dass et eng Rei vun Explikatiounen gëtt, firwat dass mer déi heite Formule net schonn éischter fäerdeg bruecht hunn: Well et eng ganz staark Ausenanersetzung driwwer ginn ass, wéi d'Direktiv ze liese wär. Hei ass se zu Lëtzebuerg laang gelies ginn nom Motto: 4.500 Stonnen oder dräi Joer. Deen „ou“ huet awer net entweder/oder, mä geheescht „dat heescht“. Also dräi Joer, dat heescht 4.500 Stonnen. Sou ass jiddefalls d'Interpretatioun vun der Kommissioun gewiescht.

Dat war déi éischt Schwierigkeet, do war eng Ausenanersetzung mat der Kommissioun, wou mer gesot hunn, mir hunn déi eng Positioun, d'Kommissioun huet déi aner Positioun. Et gesäit elo esou aus, wéi wann d'Kommissioun Recht géif behalen, soss géife mer dat Gesetz hei net stëmmen.

Deen zweete Problem, dee bestanen huet, dat ass, dass laang ugeholl ginn ass, an d'Kommissioun och net de Contraire gesot huet, dass een d'Ausbildung net därerf an zwee deelen. Dat heescht, net därerf an enger éischer Phas bis op Treizième goen, Douzième, Treizième an dann hannendrun eigentlech déi zwee Joer drunhänken, well dat enger Zweedeelung vun der Ausbildung géif entsprechen. Ech war ee vun deenen, déi ni dru gegleeft hunn, dass dat esou wär. Mä et huet laang gebraucht, bis dass d'Kommissioun sech endlech geäussert huet a gesot huet, dat ass kee Problem, fir dat esou ze maachen. An dunn hu mer et direkt gemaach.

Ech si ganz frou, glécklech doriwwer, dass mer et hei ronnbréngen, fir deene jonke Leit, déi eng schwéier Ausbildung gewielt hunn... Ech hu selwer do e jonkt Meedchen, dat déi dote Formatioun mécht. An ech kann et mat anere Formatiounen vergläichen. Wann déi jonk Meedercher a Jongen hiren Ofschlossdiplom kréien, dann hu se e verdéngt, well se derfir geschafft hunn. Et ass net dee lichteste Wee; an där doter Formatioun ass et ee vun deene ganz schwéiere Weeër. An ech sinn dofir ganz frou doriwwer, dass se déi Zäit kréien.

Zu de Rémunératiounen oder zu de Carrière wëll ech just dat bestätegen, wat de François Biltgen gesot huet. D'Infirmieren an d'Infirmiären hei zu Lëtzebuerg gi gutt bezuelt. An et kommen der vun dobaussen, déi vill méi Joren um Pelz, um Bockel hu wéi eis, well se mengen, dass se hei ganz exzellent bezuelt ginn.

Wann een d'Basiscarrière hält, kann een doriwwer diskutieren. Wann een awer all déi Carriären, déi hannendrunhänken, oder déi Responsabilitéiten, déi hannendrunhänken, mat erabezitt, da kann ee soen: Déi Carrière ass honorabel bezuelt; net ze vill, well déi Efforten, déi gemaach ginn, déi si proportionell.

Ech hu vollt Vertrauen an d'Sozialpartner, wann déi nei Carrière oder wann déi nei Ausbildung dann do ass - dat dauert ëmmerhi bis 2014 -, dass se da wäerten déi noutwendeg Verhandlungen am Rahme vun der Tarifaautonomie féieren. Déi Tarifaautonomie, déi awer och Rücksicht muss drop huelen, wéi vill Moyenen disponibel sinn. Dofir mengen ech, dass eng haut ka Vertraue schenken, dass déi Basis, déi mer hei setzen, och zu deenen noutwendegen Diskussiounen wäert féieren, fir Konsequenzen doraus ze zéien.

Ech wëll drun erënneren, dass net all Reform vun Ausbildungen automatesch ëmmer zu massiivste Lounerhéijunge gefouert huet. Ech erënnere just un d'Joer '99, wou mer d'Polizei reforméiert hunn, zwee Joer

Ausbildung drugehaangen hunn, a wou ausser enger Prime näischt Dramatesches erauskomm ass. Mä bon, dat ass net meng Saach, do soll een d'Tarifaautonomie spille loosse, an da gesi mer weider.

Ech wëll der Chamber en häerzleche Merci soen, dass, nodeem mir op den Zuch opgeklomme sinn, se gréngt Liicht gëtt, fir dass deen Zuch an d'Gare kënnt. Villmools Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gesondheitsminister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung.

## (Interruption)

D'Madame Brasseur hält nach eng Kéier gär d'Wuert.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech wollt Parole après ministre, ëmsou méi de Minister gemengt huet, en hätt missen déi Politik, déi ech viru siwe Joer gemaach hunn, hei attackéieren.

► **Une voix**.- Ooohhh!

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Firwat? Dat huet en...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Ech maachen dat net, just d'Leit um Terrain hunn dat gemaach.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Jo, dat ass Är Interpretatioun. E gëtt och elo nach... Neen, ech wëll wierklech net e Qualificatif gebrauchen iwwert dat, wat Dir am Moment maacht. Dat ass am Fong indigne, wat Der maacht. Mä dat ass awer net esou schlëmm.

► **Une voix**.- Ooohhh!

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech wëll just...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé*.- Madame Brasseur, Frust ass dat Schlëmmst, wat et gëtt am Liewen.

► **M. le Président**.- Här Minister, da loosst elo d'Madame Brasseur ausschwätzen, wann ech gelift!

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Wat wor de Souci deemools? Dat wor eben de Souci och, well een huet missen Änwert fannen, ob dat do net ze vill en negativen Impakt hätt op de Käschtepunkt vun onsem Gesondheitswiesen.

► **Une voix**.- Haha!

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Mir kruten dorop keng Änwert haut. An ech mengen, dat muss awer onse Souci sinn,...

## (Interruption)

...well mir müssen dach wëssen, wat onst Gesondheitswiese muer an iwwermuer kascht.

Ech si ganz dermat d'accord, dass déi Leit en onwahrscheinlech schwéiere Beruff hunn. Et brauch een Engagement derfir, et brauch ee Kompetenz derfir an eng gutt Ausbildung. An et kann een net soen, dass déi Leit, déi elo um Terrain sinn, net gutt ausgebilt woren. Dat, eng allgemeng Remarque.

Ech wëll awer nach eng Fro stellen, op déi ech keng Änwert krut, déi och d'Chambre des Salariés opwerft. Jo, d'Madame Frank schéngt net frou ze sinn, wann ech nach eng kleng Fro stellen, mä déi Fro wor awer déi vum Bac.

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV).- Wat hunn ech dann elo verbrach?

## (Interruptions)

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech hat gefrot, ob e Bac automatesch géif dëcernéiert ginn, well dat net an den Texter steet. D'Chambre des Salariés werft et op, ech hat et opgeworf. Ech mengen net, dass ech dorop eng Änwert krut. Gëtt den Text dat genee hier? Wa jo, op wellecher Plaz? Oder kréie mer duerno Schwierigkeiten?

► **M. le Président**.- Här Minister, wann ech gelift.

► **Une voix**.- Da provozéiert net, Madame Frank!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ech zitieren aus dem Bréif, deen d'Schoulministesch - dee kennt Der, well deen ass

och an der Kommissioun ausgedeelt ginn - un d'Direktore geschriwwen huet: «Au terme de la classe de treizième, les élèves se présentent à l'examen de fin d'études secondaires techniques pour obtenir le bac technique.»

An dofir ass jo déi ganz Diskussioun gewiescht. Mir haten déi och an der Chamberskommissioun, ech mengen, et war d'Madame Dall'Agnol, déi déi opgeworf huet, well de Statsrot gesot huet: Am Ausland geet een net esou wäit, an do si manner Stonnen. Woufir? Mä well mir relativ vill theoretesch Stonnen hei ubidden, well mir ebe just gären hätten, dass se de Bac technique hunn.

Do ass jo déi ganz Diskussioun komm. Am Ausland hu se net onbedéngt ëmmer e Bac. Hei si ganz grouss Culture-générale-Stonnen derbäi, an dofir hunn déi praktesch gefeelt. An dofir ass d'Iddi komm, well och d'Associatiounen dergéint waren, fir ze soen: Elo gëtt manner Culture générale gemaach, well se net wollten de Bac technique a Fro gestallt hunn. Dofir ass elo déi Solutioun komm mat dem BTS. Dat ass also net nëmmen ënnerschwelleg, mä ech mengen och ganz konkret kloer de Fall.

► **M. le Président**.- Merci. Domadder wäre mer awer elo wierklech um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6154 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 15 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Raymond Weydert), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: Mme Anne Brasseur.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

## (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, de Projet de loi 5861, eng Konventioun iwwert d'Coopération douanière. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo huet kee Riedner sech ageschriwwen, duerfir kritt elo de Rapporteur vum Projet de loi d'Wuert, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 5861 - Projet de loi portant approbation de l'Amendement de la Convention portant création d'un Conseil de coopération

## douanière, adopté lors des 109<sup>e</sup> et 110<sup>e</sup> sessions du Conseil de coopération douanière le 30 juin 2007

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 5861 soll d'Chamber eng Ëmännerung vun der Konventioun iwwert de Conseil de Coopération douanière unhuelen. Domadder kann d'Europäesch Unioun als volle Member der Organisation mondiale des douanes bäitrieden.

D'Organisation mondiale des douanes - oder, wéi se fréier geheescht huet, de Conseil de coopération douanière - gouf 1947 gegrënnt. Si huet am Ufank aus 13 europäesche State bestan. D'Zil war deemools, eng oder méi Zolluniounen tëschent de Memberstaten ze schafen.

1948 goufen zwee Comitéë gegrënnt: de Comité économique an de Comité douanier. Aus dem Comité économique ass déi heiteg OCDE entstan. Aus dem Comité douanier ass de Conseil de coopération douanière ginn; an ëm dee geet et och haut.

'52, wéi de Conseil de coopération douanière offiziell gegrënnt gouf, hunn deemools 17 State matgemaach. No an no sinn esou vill Membere bäikomm, datt 1994 decidéiert gouf, de Conseil de coopération douanière ëmzenennen an eng „Organisation mondiale des douanes“. Haut zielt dës Organisatioun 176 Membere. D'Membere vun der OMD representéieren net manner wéi 98% vum gesamten internationalen Handel.

Här President, ech hu virdu gesot, datt dat urspringlech Zil vun dem Conseil de coopération douanière et war, eng Zollunioun tëschent senge Memberstaten ze schafen. De sougenannte GATT-Accord - also den Accord général sur les tarifs douaniers et le commerce - ënnerstëtzt expressis verbis d'Schafung vun Zolluniounen a Fräihandelszonen tëschent senge Membere.

A wat wär haut wuel e Verband vun Zolluniounen, wann net d'Europäesch Unioun géif derzou gehéieren? D'Europäesch Unioun ass mat 500 Milliounen Awunner ee vun deene gréisste Wirtschaftsraum vun der Welt, an d'Realisatioun vun enger Zollunioun war och dat éischt Zil vun der Europäescher Unioun gewiescht.

Den 19. Mäerz 2001 huet duerfir den EU-Conseil d'Kommissioun beoptragt, mat der OMD d'Adhésioun vun der Europäescher Unioun un d'OMD ze verhandelen. D'Europäesch Unioun sollt vollberechtigte Member vun der OMD ginn, deen dann déiselwecht Rechter an och Flichten hätt wéi d'Nationalstaten, déi bei der OMD Member sinn.

2006 sinn dës Verhandlungen positiv ofgeschloss ginn. Fir awer kënnen der EU ze erlaben, sech der OMD unzeschleissen, huet missen d'Konventioun vun der OMD ëmgeännert ginn, well net virgesi war, datt aner Entitéite wéi State kënnen Member vun der OMD sinn. Duerfir gesäit den Amendement zur Konventioun iwwert de Conseil de coopération douanière vir, datt eng Zollunioun oder och eng Wirtschaftsunioun ka Member vun der OMD-Konventioun ginn.

D'Memberschaft vun der EU an der OMD ännert näischt um Memberstatut a Stëmmrecht vun de Staten, déi Member vun der OMD a vun der Unioun sinn. Natierlech muss hei der Kompetenzverdeelung tëschent der EU an hire Memberstate Rechnung gedroe ginn. An den Exklusivkompetenze vun der Unioun, wou d'Douane sécherlech eng vun deene wichtegsten ass, gëtt eng EU-Positioun adoptéiert. An deene Beräicher, wou sech d'EU an hir Memberstaten d'Kompetenzen deelen, gëtt versicht, eng gemeinsam Positioun ze verrieden.

Dëst reflektéiert och den Artikel 209 vum Traité, dee seet, datt: «L'Union peut conclure avec les pays tiers et les organisations internationales compétentes tout accord utile à la réalisation des objectifs visés aux articles 21 du traité sur l'Union européenne et à l'article 208 du présent traité. Le premier alinéa ne préjuge pas les compétences des États membres pour né-